

Samschdeg, den 08. August 2020



Gedanke fir den Dag

Vum Stéphanie Kasel

Pastoralreferentin an der Par Öewersauer - St Pirmin

De Kölner Doum, d'Kathedral an der Stad oder och déi kleng Kierch an eisen Dierfer: all zweeten zitt et an der Vakanz a Kierchen a Kléischter. Déi meescht Leit si virun allem un der Kultur interesséiert. An awer bleift e Verlaangere no Rou.

Wann ech an eng (mir onbekannte) Kierch erakommen, da loossen ech d'Stëmmung op mech wierken, ech hiewen de Kapp fir dee verwëllefte Plaffong ze kucken an déi deck Sailen, kucke mir den Altoer un. D'Stëllt an de Kierche fasziniert mech. Do kann dobaussen decke Kaméidi si vu Verkéier oder Baustellen, do ka Gejäiz sinn. An der Kierch héiert een alles wéi aus enger anerer Welt.

Laut Statistik ginn d'Touriste gär a Kierchen a Kléischter. Dir erkennt Iech hei vläicht erëm. Fir all 2. Däitschen ass eng Kierch e beléiften Ziel an der Vakanz. Déi meeschte gesinn allerdéngs d'Gebei als eng androcksvoll Sehenswierdegkeet - a manner als Platz vu Glawen.

Ëmmerhin hätt nach all 5. Kierchentourist iergendwéi Interessi um Glawen. Souguer wann ee spontan an eng Kierch erageet, da bleiwen déi meescht bis zu enger hallwer Stonn, verschidderer fänken eng Käerz un a maachen e Gebiet. Et ass eng Ënnerbriechung vum Alldag, eng Platz fir zu sech selwer ze kommen.

Sou ass et dach wichteg, dass eis Kierchen och an der Vakanz op sinn (e Merci u jiddereen, dee sech drëmkëmmert) a jiddereen, Tourist oder net, kann eng Platz vu Rou a Besënnung fannen. Besonnesch an der Coronaviruszäit konnt a ville Kierche an eiser Par festgestallt ginn, dass méi Käerze wéi soss brennen. Si sti fir d'Hoffnung an d'Uleies, wat d'Leit am Glawen an a Gott gesinn. E schéint Zeechen, dat Hoffnung mécht, en Zeechen, dass des Platze wichteg fir eis sinn.

Fürbitten:

- Fir d’Kierch, déi munch Stuerm duerchmaache muss: Christus, héier eis.
- Fir déi politesch Verantwortlech, déi eng Welt vu Fridden a Gerechtegkeet solle garantéieren: Christus, héier eis.
- Fir déi Krank, déi Accidentéiert a fir d’Familljen am Trauer: Christus, héier eis.
- Fir eis Gemeinschaft, besonnesch och fir déi, déi momentan an der Vakanz sinn. Christus, héier eis.
- *Hei ass Plaz fir déi perséinlech Uleies*

Gebiet: aus dem Psalm 145

Der Herr ist verlässlich in allem,
was er sagt, und gütig in allem, was er tut.
Er stützt alle, die zusammenbrechen,
er richtet die Niedergebeugten auf.
Alle blicken voll Hoffnung auf dich
und jedem gibst du Nahrung zur rechten Zeit.
Du öffnest deine wohltätige Hand,
und alles, was lebt, wird satt.
Der Herr ist gerecht in seinem Handeln
und gütig in allen seinen Taten.
Er ist denen nahe, die zu ihm beten –
allen, die aufrichtig zu ihm beten.
Er erfüllt die Bitten der Menschen, die ihm gehorchen;
er hört ihr Schreien und rettet sie.
Der Herr beschützt alle, die ihn lieben.
Ich will den Ruhm des Herrn verkünden,
und alles, was lebt, soll ihm danken,
ihm, dem heiligen Gott, immer und ohne Ende!
Amen!